



Prima geroden!

Wien sech éierlech fir d'Ëmstänn vun eiser Sprooch intreséiert, dee weess zwar, dat „mir“ si am Oktober 1941 praktesch bei der „Volkszählung“ souzesoen op en Altor gelicht haten, mä datt d'Wick vun deer patriotescher Flam an deenen 30 Joer bis 1971 ëmmer méi kleesper geflackert huet.

D'Lëtzebuergesch krut zwar eng Plaz op der Schoulzensur, wou et als „langue et littérature luxembourgeoises“ geblént huet, dat nennt sech „Zynismus“...ower et huet ee besser, net ze laang/zevill iwver dat ganz Trauerspill ze schwadronéieren.

Gewëss: Et guffen an deenen 30 Joer duerno en etlech tiptop Schreiwerten; et hunn sech wëssenschaftlech dichteg a fläisseg Leit drëm bekëmmert...ower fir wien? **95% vun de Lëtzebuurger ass dat vun nom Krich un zesoen näischt ugaang!** Dat Däitsch vum „Fernseh“ huet sech ëmmer méi eragemaschelt; apaart d'Kanner hunn sech vum „Sandmännchen“ och sproocheméisseg ëmgaachele gelooss...an dat huet zerguttst bäigehal. Eis Sprooch um „UKW-Kanal 18“ huet ugefaang ëmmer méi schudderreg ze ginn. **D'Zäit war wierklech zeideg fir „eppes ze maachen“.** Dat ass dann 1971 mat der Grëndung vun der ACTIOUN LËTZEBUGESCH op Dosende Manéiere geschitt! Mir haten all Ursach fir dee gëllene Jubileum elo zerguttst ze feieren.

Den Direkter Claude Conter vun deer wonnerbarer Nationalbibliothék ass mam Luc Marteling, dem Chef vum „Zenter fir Lëtzebuurger Sprooch“ mat äis „an den Täissel“ gaang, wéi et net besser hätt kënne sinn. **Eng akademesch Sëtzung, déi am Kader wéi am „Gefëlls“ net besser hätt kënne sinn...**an dee struppvolle Sall och deemno begeeschtert huet.

E Samschdeg, **de 27. November konnt eise feinfilleg-äerdege President Claude Bache méi ewéi zefridde mat deem sinn, wat hien op der „Marie-Astrid“ organiséiert hat; das war Spitze(Hans Rosenthal)!**

Wann ee bedenkt, datt d'Sprooch vum Land dann elo och nach zesoen definitiv als Identitéitselement an eiser Verfassung steet – **an dat zugudderlescht duerch d'Actioun Lëtzebuergesch** – da kënnt ee jo bal vun enger „Krëinung“ vun eiser Aarbecht schwätzen. Dat **wëllt ower net heeschen, datt mir äis däerfen op deem Lolwerkranz raschten**, nom Sproch: Et ass ewell e sëlliche gemaach, et bleift nach kéipweis „op der Lee“. Fir eis Sprooch am Private wéi „dabaussen an am Offiziellen. E bësse méi rubbeleg gesot: **Weider mam Jabel!**

vum Lex Roth



Gebeemtent Lëtzebuergesch?

Heinsdo kënnt engem gakegt Lëtzebuergesch am Radio oder der TV vir, wéi schlecht iwversatent Däitsch... an do selwer bréngen der vill et einfach net fäerdeg, net wéi Sproochgiraffen uechter d'Schreif an d'Schwätz ze stelzen... fir sech en „air“ ze ginn? Et schéngt villen ze komplizéiert EINFACH/KLOER ze bleiwen;

Beispiller:

- Resultater mussen dach net *virleien*, si sinn einfach do.
- Wat maache mir mat deem „fun“ um Glacis? Eis Fouer kann net ersat ginn!
- Eng Léisung ass „um Kommen“ an net „a Siicht“.
- Eis Sprooch kritt keen „Anzuch“ an d'Verfassung; si kënnt einfach dran!
- Eng Indexbranche „erfällt“ net; si kënnt/fällt einfach.

Fir ze iwwersetzen:

- De Jos hält dee ganze Buttek an der Riicht.
- Den Auto hält d'Riicht net méi.
- Hal dech dach riicht!
- Dee klunge Fatzbeidel kritt de Fascht geschnidden.
- Dee gëtt sech net mat Jäizen.
- Deen birelt wéi e Far.
- Ech hal' wuel jo, a wat ass!
- Maach mech net geckeg.
- Komm, mir huelen nach een.
- Dat do wäerts du nach beräppsen!
- Hal dach op mat deem Kräischen.
- Du méchs mech schimmeg.
- Schëppe-Bauer ass schappeg.
- Gehei d'Klatz net laanscht den Dill.
- De Josy huet e ferme Saz gemaach.
- D'Annette ass nawell keen Iwwelt.
- Ech, krank? Mä da meng alt!
- Tommel dech net, maach ower och net lues!
- Fläiss dech, soss kënns du hannendran.
- Dajee, gëff ëm es elo.

„Utilité publique“?

Wat heescht dat? Mä datt een et **vun senge Steiere kann ofsetzen**, wann een engem Veräin oder enger Institutioun eng gewëssen Zomm Geld (iwver 50€) schenkt. Dat hätt bis elo e sëlliche Leit gär gemaach, ower fir eis AL huet déi Méiglechkeet nach net bestan. Eise President Claude Bache, den Tom Weidig an de Patrick Kaell hunn déi komplex a laang Prozedur dann elo duerchgezun. **Mir kruten iwver den „Arrêté grand-ducal N°F 53 61“ elo grad dës sympathesch Unerkennung** a Méiglechkeet fir eis Frënn. Gleeft äis et: Äre Cadeau kënnt bei äis a gutt Hänn...fir eis Sprooch!



Invitéieren oder alueden?

Hei gong ewell dacks dovun rieds, datt Lëtzebuergesch zwar eng germanesch Sprooch ass, domat ower keen Däitsch. Et seet jo och keen dat Nidderlännescht, dat Dänesch, Norwegesch, Schwedescht, Schwäizer wier däitsch... dat ass ganz einfach **d'Famill vun de germaneschen Idiomen**. Huelt de germaneschen Deel aus dem Engleschen eraus, da bleift rosewéineg iwreg; an iwverhaapt: Firwat gëtt nach ëmmer nieft „Britain“ vun „England“ geschwat? Et heescht jo och net ëmssoss, d'Englescht wier „Angelsächsesch“, mä wou läit dann „Angeln“, wou fanne mir „Sachsen“? Déi franséisch/romanesch Wuerzele fanne mir am Englesche vun no der „Battle of Hastings“, am 11. Joerhonnert un. Dat „Englescht“ do virdrun ass fir den Net-Spezialist souzesoen en „däischtert Lach“. Dat Romanesch/Franséisch an eiser Sprooch ass keng Saach vun haut, och net vu gësch; et kënnt aus der Däischtert vun de Joerhonnerten, op Ëmweeër aus dem Keltischen a bluf joerhonnerte laang, gekréinten Diplomesprooch, déi hei an den ieweschte Kreiser am Gebrauch war. Dofir ass „invitéieren“ eng ganz normal Ausdrucksfassung. An hei erëm: d'Engländer schwätze dach och net vun „to load someone“, mä vun „to invite/invitation“...wat alles näischt mat fir/géint de germaneschen Deel vun hirer wéi vun eiser Sprooch ze din huet.

Vokabele léieren?

Eng Sprooch léiert een net onbedéngt mat „plakege“ Vokabelen, mä vrun allem an engem Zesammenhank; **léieren déi Kleng da mat „Vokabele“ schwätzen?** Déi éischt puer Dose Wierder sinn d'meescht Substantiven/Dingwierder; natierlech geet et do ëm dat fir hir Mailchen, d'Nammnam an d'Schlippi; alles wat wéi deet, ass „Bobo“ an natierlech (am Sënn vum Wuert) dat, wat hinnen an d'Gickelcher geet Liichti, Dicki, Missi, grad wéi Mama, Pappa an déi esou echt verschampeliert Nimm vu Bridder a Schwëstere. Dat alles da **méi spéit mat Verben a „Stammzäiten“**. Si spëtzen d'Oueren a babbelen dat no, wat déi „Grouss“ soen. No an no „verbesseren“ si sech selwer „nom Ouer“. Mat der Zäit ginn si och mat deem Liewegen (den „Tuwörter“ an dem Sazbau) eens. Dat ass den normale Wee, fir an eng Sprooch eranzekommeens, ouni eng Grammaire an der Hand gehat ze hunn; **dat „Knubbelecht“ gëtt dann an der Schoul „geschlaff“**.

Wat eng „Gebeesseschmier“ ass, vläicht eng „Kuscht“ oder „Stoffi“ brauch een hinnen net zwanzegmol ze soen; si hunn och ganz séier eraus, wat „zappen“ heescht (huet iwregens näischt mam däitschen „zapfen“ ze din; do ass dat jo „tunken“); dselwecht ass et fir eng „Knaus“ oder eng „Kiischi/Kuscht“ asw. **Déi sougenannt „Wuertfelder-Method“ schéngt iwerhaapt déi liewegst Fassong ze sinn, fir sech allgemeng an eng Sprooch eranzeschaffen.** Do muss ee keng speziell pädagogesch lernzielere an d'Hand huelen. Eng Sprooch ass vrun allem e liewegt Element a misst och fir de Fong „lieweg“ bäibruecht ginn, wat méi fréi, wat besser. **Dofir mécht een sech och Suergen, datt an esou sëlliche „Kënnerschoulen“ alles geschwat gëtt** – Franséisch, Däitsch, Englesch, Italiénesch, Portugisesch... – mä knapps d'Sprooch vum Land, an deem déi Kanner opwuessen...a liewe sollen. Dat ass ower eng Saach vun den offizielle Säiten, apaart der Inspektioun! Mat „Fanatismus“ huet déi Iwwerleung glat näischt ze din.